



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8133 vun der éierbaren Deputéierten Martine Hansen

- **Ass de Minister sech bewosst, datt et zu enger Ongläichbehandlung vun de Bauere kënn, déi fräiwëlleg op Glyphosat verzichten, jee nodeems, op si bei der aler Landschaftfleegeprimm oder bei der d'Nofolgerprimm matmaachen?**
- **Wa jo, wat wëllt d'Regierung dogéint maachen?**

D'Urteel vun der Cour Administrative huet effektiv notamment als Konsequenz, dass retroaktiv d'Konditiounen vun der Landschaftspflegeprimm zum Deel erëm retroaktiv applizéiert ginn.

Den fräiwëllegen Verzicht op de Glyphosat gouf fir d'Kulturjoer 2020 ausgeschafft. Hei war d'Iwwerleeung den Betriber hier fréizäiteg Efforten ze remuneréieren.

2021 gouf d'Zouloossung vum Wierkstoff Glyphosat entzunn.

2022 gouf de néien „Plan stratégique national“ (PSN) ausgeschafft.

Mam Glyphosat Verbuet gouf an der Nofollegprimm „Förderprämie zum Einstieg in eine nachhaltige und umweltfreundliche Landwirtschaft“ keng fräiwëlleg Optioun méi oprechterhalen.

Déi néi Mesure vum Verzicht op Big Movers beinhalt den Glyphosat. Dës Mesure geet iwwert Ufuerderungen vum alen „Plan développement rural“ (PDR) eraus.

Den Betriber besteet weiderhin Méiglechkeet hiert aalt Engagement an der Landschaftspflegeprimm auslafen ze loossen. Ouni gesetzlech Basis huet den Betriber sech nach zu kengem neien folgendem Programm definitiv engagéiert.

Lëtzebuerg, den 21. August 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN